Gudde Moien

Dir sidd ageschriwwen fir eng Formatioun am  CIS Grevenmacher-Mertert.

Mir wëllen iech hei e puer Infoen zu ärem Openthalt an deem CIS mat op de Wee ginn.

**<u>Drénkwaasser :</u>**

Am CIS Grevenmacher-Mertert stinn iech Waasserspender zur Verfügung fir är Drénkfläschen ze fëllen. Et ginn kéng Fläschen mat Drénkwaasser an de Formatiounen verdeelt.

Am CIC I kritt dir eng Drénkfläsch vum CGDIS. Dir kennt awer och är eegen Fläsch matbréngen.

Fir an weidere Formatiounen muss dir är Fläsch matbréngen.

**<u>Iessen :</u>**

Ab 7:30 steet Kaffi, Waasser an Mëtschen zur Verfügung.

D' Mëttegiessen gëtt op d' Platz geliwwert. Sollt dir eng Intoleranz hunn oder dir braucht en anere Menu (vegetaresch oder vegan), soll dir kuerzfristeg eng mail un hotellerie@cgdis.lu, dem Service Hotellerie vum INFS, maachen. Folgend Infoen musst dir uginn:

| | |
|---|---|
| Bezeechnung vum Cours: | z.b. *24-02-SAP I.2* |
| Datum vum Cours: | z.b. *18 an 19 Dezember 2024* |
| CIS wou de Cours ass: | *CIS* Grevenmacher-Mertert |
| Är Intoleranzen: | är aktuell Intoleranzen |
| | Ob dir e vegetaresch oder e vegan Menu wëllt bestellen |

**Parking fir ären Auto :**

Den ëffentleche Parking beim CIS steet zur Verfügung.




D' Parkplazen niewent dem Wee fir bei den CIS sinn de Memberen vun CIS virbehalen an däerfen net benotzt ginn.

Sollt den ëffentleche Parking net disponibel sinn, kennen d' Parkplazen beim CIS resp. Kann an den Allentouren vum Duerf geparkt ginn.

**Uerdnung am CIS :**

**Am CIS** besteet eng schwaarz/wäiss Trennung an den CIS ass a 3 Zonen agedeelt:

Openthaltsräim, Instruktiounräim, Büroen

Dës befannen sech um R+1 (éischten Stack).

Hei däerfen just Tages-Déngscht-Schung oder Fräizäit-Schung gedroen ginn.

Hei ass d' Asazkleedung (Feier -Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an –Händschen; Asaz -Jackett an -Bottinnen) net erlaabt.

Garagen INCSA an SAP

Hei sollen Asaz-Bottinnen gedroen ginn.

D' Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an –Händschen; Asaz -Jackett an -Bottinnen) kann hei ugedoen a gedroen ginn.

Wäschkummer, Schlauchwäsch, ARI-Atelier Contaminéiert mat toxeschen Stoffer

Hei hu dir keen Zougang

**Kleeder :**

Während den theoretesche Coursen ass d' F1-Tenue mat den Tages-Déngscht-Schung oder Fräizäit-Schung ze droen.

Wann dir u kommt krit dir eng Platz zou gewisen, wou dir d' Asazkleedung (Feier -Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an –Händschen; Asaz -Jackett an -Bottinnen) kennt ofleeën an un- an aus doen.

D' Asazkleedung ass während de praktesche Coursen ze droen.

**Openthalt am CIS :**

Am CIS halen mir eis just an den Raim op, déi fir dës Formatiounen zur Verfügung stinn.

Mir notzen och just déi Infrastrukturen, déi fir Formatioun ugefrot sinn.

Während der Theorie sinn mir am Instruktiounssall.

Praxis ass an oder virun de Garagen vun CIS.

Kaffismaschinn an de Waasserspender am Openthaltsraum um éischte Stack kenne benotzt ginn.
D' Couchen an den Fernseh hei sinn fir d' Equippen vun der Permanence geduecht.

Iessen maachen mir an der Kitchenette um R+1 resp. am Intsruktiounssall.

Nom Cours kennt dir iech net méi am CIS ophalen. Et ass och net méiglech Nuets am CIS ze schlofen.

**Weider Froen :**

Fir weider Informatiounen kennt dir iech un den zonale Chef de Service Formation wennen:

Paul Wilwert

Tel. +352 621 821 698

paul.wilwert@cgdis.lu